Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 25. Oktober 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Arméiminister an den Här Baussen- an Europaminister weiderzeleeden.

Bei engem Optrëtt virun der "European Diplomatic Academy" huet den EU-Baussebeoptragte Joseph Borrell annoncéiert, datt d'EU d'Arméi vun der Russescher Federatioun am Fall vun engem Atomugréff an der Ukrain géif "*vernichten*". Dës Deklaratioun riskéiert ëmsou méi als lächerlech empfonnt ze ginn, well d'EU iwwer esou gutt ewéi keng eege militäresch Mëttele verfüügt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung hir Positioun zu dësen Aussoe vum Här Borrell elaboréieren? Ass d'Regierung der Opfaassung, datt et ubruecht ass an dëser Situatioun de Konflikt weider verbal ze eskaléieren?
2) Kann d'Regierung an deem Zesummenhang preziséieren ënnert wéi enger Kompetenz den Här Borrell dës militäresch Moossnam annoncéiert huet an ob hien d'Grenze vu sengem Mandat hei méiglecherweis iwwerschratt huet?
3) Wéi eng Konsequenzen zitt d'Regierung aus dëser Deklaratioun vum Här Borrell? Wär et net opportun hien a senger Funktioun ofzeléisen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten